ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Wéi aus Sécherheetskréiser ze héieren ass, bereet d'Police sech fir e Freideg den 22. Oktober massiv op eng grouss Manifestatioun vu polnesche Kueleminnenaarbechter virum Gebai vum Europäesche Geriichtshaff um Kierchbierg, well dësen iwwert eng potenziell Schléissung vun hirer Aarbechtsplaz muss decidéieren. No mengen Informatiounen befënnt d'Police sech an héijer Alarmbereetschaft, well si fir de Fall, datt d'Urteel net am Sënn vun den Interesse vun de genannten Aarbechter ausfält, mat sozialen Onroue rechent.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Policeminister gär dës dréngend Froe stellen:

1) Kann den Här Minister dës Informatioune confirméieren? Wa jo, wéi reagéiert hien dorop?
2) Steet d'Police hei am Austausch mat de polneschen Autoritéiten, fir eventuell problematesch Eenzelpersounen am Virfeld ze identifizéieren?
3) Verfüügt d'Police iwwer genuch Personal fir dës Manifestatioun ze encadréieren a gläichzäiteg hiren aneren Aufgaben nozegoen? Wann net, gouf Ënnerstëtzung aus dem Ausland ugefrot?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten